ROGASEN WOLLSTEIN
AMICALE
LUXEMBOURG

# STATUTEN

Gröndungsdatum, den 11. Juli 1969.

* 1. Bedingung fir Member ze gin:
All Letzeburger dén am Joer 1944 an engem vun dénen zwé Arbeitsdienstlager ROGASEN oder WOLLSTEIN rekrutéiert wôr.

* 2. Setz vun der Amicale:
De Setz asss am Café BROSIUS Léon, 1, rue des Trévires zu Letzeburg.
Dese Setz kann verluegt gin op Beschloss vum Comité.

* 3. Zweck vun der Amicale:
Frëndschaftlech Kontakten ze pflégen fir d'Komerodschaft aus dem Krich ze erhâlen, an sech gegenseiteg ze hellefen am Rum vun den Méiglechkéten.

* 4. Memberschaft:
Gét un, durch möndlech Beitrettserklärung an d'Bezuehlen vun der Cotisatioun, si erlöscht durch
- onréell oder onéierlech Behuelen,
- durch Zewidderhandelen géint d'Interessen vun der Amicale,
- durch Netbezuehlen vun der Cotisatioun vun méi ewéi engem Joer.

E Member kann an alle Fäll nemmen ausgeschloss gin durch Énstömmege Beschloss vum Comité.

* 5. Cotisatioun:

Si gët vum Comité vun Joer zu Joer festgeluegt, an ass virum 1. Februar ze bezuehlen.

Ausschloss oder freiwellegen Austrött gin kén Recht op Reckerstattung.

* 6. Comité:

De Comité bestét aus 7 bis 13 Memberen, e verdélt ënnert sech d'Chargen vun

1. Präsident
2. Vize-Präsident
3. Sekretär
4. Caissier

De Comité get an der Generalversammlung all zwé Joer neigewielt. All Comitésmember ass erem wielbar.

De Comité ass beschlossfäheg wann iwert d'Halschent vun den Memberen präsent ass.

Bestét bei enger Ofstëmmung Stemmengleichhét, dann zielt d'Stëmm vum Präsident duebel.

* 7. Définitioun vun den Chargen:

Präsident: Hien ass den offiziellen Vertrieder vun der Amicale an dirigéiert d'Assemléen an d'Comitéssetzungen.

Vize-Präsident: Hien ass de Remplaçant vum Präsident

Sekretär: Hien rifft d'Assembléen an d'Setzungen vum Comité an, an erledegt d'Korrespondenz. Hien présentéiert der Generalversammlung den Aktiviéitsrapport.

Caissier: Hien ass responsabel fir d'Gestion vun der Kés; hien muss der Generversammlung eng détailléiert Ofrechnung présentéieren iwer all An - an Ausgäng vu Geld. Hien muss consultéiert gin fir all Dépensen. Hien ass responsabel fir d'rechtzeiteg Anzéien vun den Cotisatiounen.

* 8. Aktivitéit:

De Comité hällt all Joer mindestens drei Setzungen of. En General-versammlung ass émol am Joer bei Gelégenhét vum Convéniat, wa méiglech am Juni oder Juli. All Member gëtt schreftlech invitéiert. Wou den Convéniat stattfënd gëtt vum Comité décidéiert.

* 9. Finanzen:

D'Verméigen vun der Amicale gëtt op den Numm vun der Amicale op e Konto ugeluegt. Verfügung iwer des Konto hun de Präsident an de Caissier.

* 10. Rechnungsjoer:

Ass vum 1. Januar bis den 31. Dezember.

* 11. Litigen:

Irgendwelcher Art, am Enneren vun der Amicale déi nët an desen Statuten virgesinn sin, ginn vum Comité tranchéiert.

* 12. Opléisung:

D'Amicale gëllt als opgeléist wann hier nëmmen méi drei Memberen ugehéieren. De Kapitalbestand gëtt op en sozialen Fong iwerwisen dén am viraus vum Comité bestëmmt gët.

* 13. Verschiddenes:

Des Statuten kënnen nëmmen vun enger Generalversammlung mat einfacher Majoritéit geännert gin. Eng Generalversammlung kann op schrëftleche Wonsch vun wéinegstens engem Drëttel vun den Memberen ageruff gin mat genéer Begröndung. Bei Adressenännerung ass all Member gebieden dem Comité resp. dem Sekretär dât matzedélen.

Des Statuten sin vun der Generalversammlung vum 07. Juli 1973 approuvéiert gin